

Rapport vun der Integratiounscommissioun

Presenzen

Present	Net present
Liselotte Ruef-Vogt (présidente), Henri Noesen (échevin), Andy Brunel (secrétaire), Patrick Ludwig, Christiane Eicher-Karier, Gabriele Wieditz, Yolande Graff, Amina Milmeister-Naik, José Fernandes, Joe Heinz (membres), Christian Gilson, Jerry Weber, Bob Rollinger, Steve Rollinger, Martine Medinger, Laurence Gengler-Valmorbida, Ilka Kiefer, Dany Klopp, Philippe Chennaux (représentants d'associations locales)	Miguel Moreira Cardoso, Nathalie Simon-Stammet (membres, excusés)

Punkt 1 : Chrëschtmaart

- Folgend Veräiner wëlle beim Chrëschtmaart mat maachen:
 - Bididu
 - Gaart an Heem Brouch
 - Club des Jeunes Bricher Suebelmouken
 - Bricher Klatzkäpp
 - Société de tir Brouch
 - Bruzzis
 - F.C. Brouch
- Mam zukünftege COVID-Gesetz wäert d'Limite vun 300 Leit weg falen an d'Schnelltester mussen vum enger autorisierter Persoun duerch gefouert ginn. Kanner tëschen 12 an 18 Joer brauchen och ee Certificat, do stellt sech dann och d'Fro vum Accord vun den Elteren
- De Site muss mat héije Barrièren zou sinn (mussen bei enger Firma gelount ginn)
- Schoul Béiwen: de Cycle 1 mécht mat, beim Cycle 2 géif eng Klass mat maachen, de Cycle 3 géif Kichelcher a Bastelsaache verkafe a beim Cycle 4 hänkt et vum sanitäre Konzept of

- Digicash ass méiglech (bei dem wat d'Kanner verkafen)
- d'Bongekeess leeft net iwwer Digicash
- d'Haisercher mussen bei engem aneren Ubidder gelount ginn -> d'Gemeng kritt do deemnächst eng Offer
- d'Veräiner sinn dselwecht opgestallt wéi bei den Editiounen virdrun, hunn do fräi Hand;
- Heizpilze wäerten do stoen / d'Zelt huet eng Heizung
- D'Auditioun an der Kierch ass och eng CovidCheck-Veranstaltung (ouni Maskepflicht)
- Den Haaptgrond firwat d'Kommissioun bevirzegt de Chrëschtmaart zu Bruch of ze halen, ass d'Auditioun an der Kierch um Sonnden, dëst bréngt vill Leit op de Chrëschtmaart, eppes wat d'Leit zesumme bréngt, a sou ganz am Sënn vun der Integratioun ass
- Den FC Brouch këmmert sech ëm d'Gedrénks
- De Club des Jeunes ka Schock ubidden, dat hänkt da vun der Gréisst vun de Chaleten of déi mer gelount kréien
- De Bididu mécht Kannerpunsch a Kniddelen
- Gaart an Heem këmmert sech ëm de Kannerpunsch / de Schéissclub ëm Gegrills / d'Klatzkäpp ëm Panescher
- D'Bruzzis maache Raclette, Glühgin, Hot Apérol a Kannerpunsch
- D'Opriichte leeft iwwer d'Gemeng
- De Club des Jeunes huet seng eegen Tasen, dofir bräichten se ee Badge fir d'Koll fir d'Spullmaschinn kënnen ze notzen
- Gaart an Heem / Bididu huele Plastikbecheren
- Op den Tase vun der Gemeng brauch kee Pfand drop ze sinn
- D'Schoul kritt de Fonds de caisse an eng Keess
- Et wäerten 3 Dëppe méi um Stroum hänken
- De Stroum gëtt bei der Kierch geholl a separat iwwer d'Gemeng verrechent
- D'Gemeng engagiert keng Security fir de COVID-Check, Membere froen fir dat eventuell z'iwwerdenken. De Schäffen Henri Noesen hëllt et nach eng Kéier mat an de Schäfferot
- Et kinnte Membere vun der Kommissioun de Covidcheck maachen oder Studenten déi vun der Gemeng agestallt gi fir déi zwee Terminer
- D'Gemeng lount déi entsprechend Barrière fir de Site gesetzeskonform of ze secheren
- Tester a Bännecher gi vun der Gemeng gestallt, ouni zousätzlech Käscht fir d'Visiteuren
- Et misst beim Relais Bausch eng Parkplaz fräi gehale gi fir d'Spull hin an hir ze féieren
- Mannerjäreger brauchen den Accord vun den Eltere fir getest ze ginn
- D'Gemeng verdeelt d'Flyeren an der Gemeng Helperknapp, d'Kommissioun an der Gemeng Sëll

- D'Flyere missten de 25/11 spéitstens prett sinn
- Den Don vum Gewënn vum Chrëschtmaart ass bis elo u folgend Associatioune gaang : MS-Day Center Bill / Déieren an Nout / Heemecht / Ecole de brousse au Senegal / 2 Ping Pong Dëscher fir de Foyer Mariendall
- Zesumme wuessen huet hir Recetten ëmmer fir ee gudden Zweck gespendt
- Den Don kinnt dës Kéier un Zesumme wuessen an un eng Associatioun vun Dokteren déi Leit empfänken déi net verséichert si, goen
- De Chrëschtmaart ass den 11+12/12 jee weils vu 16h00 – 21h00

Punkt 2 : Soirée de bienvenue

- 116 Umeldungen, dovunner 98 nei Awunner
- Siwe Veräiner plus d'Pompjeeë wäerte present sinn
- Déi Tassen déi iwwreg bleiwe kinnten um Chrëschtmaart benotzt ginn ? Oder bei den Neiumeldunge verschenkt ginn ?

Punkt 3 : GRESIL

Déi nächst Veranstaltung vum GRESIL ass de 17/11 vun 11h30 bis 14h30 am Artikuss zu Zolwer.

Punkt 4 : Divers

- Déi nächst Sitzung vun der Kommissioun ass dëschdes, den 23/11 op der Gemeng zu Tënten
- Ee Froebou vun der Gemeng Habscht fir hir Bierger wäert opbereet gi fir dann eventuell och an der Gemeng Helperknapp an ze setzen